N°4089
Entrée le 15.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4089 vum 13. Mee 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwer "Centre de soins pour la faune sauvage"**

1. **Wéi vill wëll Déiere goufen an de leschten zwee Joer an der Wëlldéierestatioun zu Diddleeng opgeholl, opgedeelt no follgenden Déierenaarten: Wäschbieren, Réi, Wëllschwäin, Muffelen, wëll Villercher?**

| Déierenaarten | 2025 | 2024 |
|---|---|---|
| Wäschbier | 32 | 44 |
| Réi | 32 | 50 |
| Wëllschwäin | 1 | 7 |
| Muffel | / | 1 |
| Villecher | 2629 Wëllvillecher | 2745 Wëllvillecher |

2. **Gëllt fir invasiv Aarten, ewéi de Wäschbier, e generellt Verbuet vun der Auswëlderung a muss d'Déierestatioun d'Déier dout maachen oder ginn aner Léisungen virgezunn?**

Fir invasiv Aarten wéi z. B. de Wäschbier gëllen déi uwendbar national an europäesch Reglementer iwwer invasiv exotesch Aarten. Eng Auswëlderung ass an dëse Fäll grondsätzlech net erlaabt.

D'Decisioun iwwer déi weider Ënnerbréngung oder Versuergung vun esou Déieren gëtt am Eenzelfall getraff, ënner Berécksiichtegung vum Déierewuel, dem Gesondheetszoustand vum Déier an de gesetzleche Bestëmmungen.

3. **Dierfen d'Leit och Déieren an d'Wëlldéierestatioun bréngen, déi hannert der lëtzebuergescher Grenz fonnt goufen? Falls nee, firwat net?**

Verletzte Wëlldéieren aus dem Ausland sollen am jeeweilegen Hierkonftsland versuergt ginn. D'Wëlldéierestatioun kommunizéiert dat och esou a verweist un zoustänneg Strukturen am Ausland.

An der Praxis kënnt et awer vereenzelt vir, datt Déieren aus der Groussregioun direkt oder an enger vun den Drop-Off Statiounen ofgi ginn. An esou Situatioune ginn d'Déieren aus Grënn vum Déiereschutz am Zentrum versuergt.

Bei dësen Déieren aus dem Ausland handelt et sech ëm heemesch Wëlldéieren aus der Groussregioun, a net ëm exotesch Déieren. Invasiv oder exotesch Aarten aus dem Ausland gi grondsätzlech net ugeholl.

Eng graff Auswäertung vun den Donnéeën déi der Wëlldéierestatioun zur Verfügung stinn weist, datt an de Joren 2024 an 2025 ronn 350 Déieren aus dem Ausland opgeholl goufen, meeschtens aus der franséischer Grenzregioun, gefollegt vun der Belsch, an an däitlech méi klengem Mooss aus Däitschland.

**4. Wéi vill Wëlldéieren goufen an de leschten zwee Joer an der Wëlldéierestatioun nees ausgewëldert, dauerhaft placéiert, dout gemaach**

| | **2025** | **2024** |
|---|---|---|
| ausgewëldert | 1173 | 1229 |
| adpotéiert | 179 | 201 |
| dout gemaach | 891 | 759 |

Lëtzebuerg, de 15. Juni 2026

(s.) Serge Wilmes

Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit